LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 04 NOV. 2020

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**2450 Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N° 2937 du 28 septembre 2020 de l'honorable député Monsieur Max Hahn, concernant la sécurité des cyclistes, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

**Gemeinsam Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet, op d'parlamentaresch Fro n°2937 vum 28. September 2020 vum honorablen Deputéierte Max Hahn iwwert "Sécurité des cyclistes"**

An de leschte Méint kann aus de Policestatistike keng méi grouss Heefegkeet vu Protokoller an deem Kontext erausgelies ginn. D'Protokoller an d'Avertissements taxés, déi gemäß de Sanktioune vum Code de la Route resp. vum Code pénal opgestallt ginn, beinhalten zwar Informatiounen iwwer d'Transgressiounen wéi z.B.: "non-observation du signal xy", "coups et blessures involontaires", etc. awer net iwwer den Typ vun de concernéierte Verkéiersdeelhueler. Se ginn also sou net direkt Opschloss op d'Art vum Verkéiersdeelhueler, deen d'Infraktioun eventuell begaangen huet respektiv op d'Zort vum Verkéiersdeelhueler géint dee se begaange ginn ass. Doriwwer eraus gesäit déi lëtzebuerger Gesetzgebung aktuell keng "mise en danger" vir.

D'Policekontrollen am Verkéiersberäich ginn ëmmer en Fonction vun engem lokalen Diagnostic opgestallt. Déi Analyse ass continue an évolutive an orientéiert sech zäitlech a geografesch un den Accidenter, déi geschitt sinn, un der Fréquentatioun bei sensibele Punkten (Schoulen, etc.) wéi och u geféierleche Stroossenabschnitter/Plazen, déi souwuel vun de Bierger gemellt wéi och vun de Poliziste festgestallt ginn. Doduercher gëtt am Hibléck op d'Policekontrollen d'Sécherheet vun alle Verkéiersdeelhueler gréisstméiglech garantéiert, well all aktuell Aspekter/Phenomeener sou ëmmer an deenen Evaluatioune berücksichtegt ginn no deenen dann herno d'Kontrolle verlafen.

A regelméissegen Ofstänn ginn ëmmer nees Sensibiliséierungscampagnë gemaach fir d'Bierger un déi verschidde Reegele vum Code de la Route ze erënneren. An dësem Kader gëtt och ëmmer nees d'Wichtegkeet vum géigesäitege Respekt op eise Stroossen erënnert. E wichtege Message an dësem Zesummenhang ass ëmmer, datt d'Strooss net fir eng Zort Usager reservéiert ass, mais datt den ëffentleche Raum fir all d'Verkéiersdeelhueler do ass a si sech all mussen un d'Reegele vum Code de la Route halen a sech géigesäiteg respektéieren.

Fir datt dës Campagnen de gewënschten Effekt hunn, ass et wichteg fir dës Reegelen ëmmer nees ze rappeléieren. Dofir wäert am Dezember/Januar eng Campagne lafen déi op de Respekt vun der Distanz zu deenen anere Verkéiersdeelhueler ofzielt.